LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Äntwert vum Här Felix Braz, Justizminister, op déi parlamentarësch Fro n° 595, vum 3. Abrëll 2019, vum honorablen Députéierten Marc Goergen

Am Duerchschnëtt sinn all Joer 30 Mannerjäreger an der Period tëscht 1992 an 2013 (22, 34, 11, 28, 46, 72, 51, 40, 17, 21, 44, 33, 37, 26, 21, 21, 30, 26, 31, 22, 7) am Centre pénitentiaire zu Schrasseg placéiert ginn. Den Héchststand an där Période läit bei 72 Mannerjäreger am Joer 1997 an, méi rezent, am Joer 2004, bei 37 Mannerjäreger.

An der Period tëscht 2014 an 2018 goufen déi niddregst Zuelen vu Placementer vu Mannerjäreger zanter 1992 enregistréiert, dat an de Joëren 2015 (4 Placementer) an 2018 (6 Placementer), an den Duerschnëtt läit bei 12.

Et ass zousätzlech ze bemierken, datt d'Parquetë vu Lëtzebuerg an Dikkrech den 12. Februar 2018 eng Circulaire erausginn hun, déi di selwecht Kritären zu engem Placement vun engem Mannerjäregen applizéiert wéi de Projet de loi n° 7276 deen de Jugendschutz reforméiert. Tëscht der Veröffentlechung vun der Circulaire an haut gouf just ee Mannerjäregen fir eng Nuecht am Centre Pénitentaire zu Schrasseg ënnerbruecht.

Am Centre pénitentiaire zu Givenech sinn nach nie Mannerjäreger placéiert ginn.